

Här Schroell, dat, wat Dir gesot hutt, wëll ech guer net kommentéieren. Dir sidd erëm amgaangen, dem ADR Populismus an Demagogie virzwerfen. Ech mengen, esou geet dat awer net weider. Wann Der eppes ze soen hutt, da sot et, mä loosst den ADR, wann ech gift, do eraus.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Domat ass déi Diskussioun ofgeschloss. D'Proposition de loi vum Kolleg Colombera geet un déi zoustänneg Kommissioun pour avis.

Mir kommen zur Presentatioun vun der Proposition de loi 4693 vum Här Jacques-Yves Henckes. D'Wuert huet den Auteur vun der Proposition de loi, den Här Henckes.

### 3. Proposition de loi 4693 de M. Jacques-Yves Henckes instituant et promouvant l'actionnariat salarié

#### Présentation

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR), auteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi, déi ech hei virstellen, reit sech an d'Evolution vun eiser Gesellschaft an. Mir gesinn, dass d'Mondialisatioun vun der Ekonomie déi traditionell Aktivitéite bouleverséiert huet. Duerch d'Globaliséierung ginn zwar nei Rächttümer geschafen, mä et huet een awer och gesinn, dass d'Salariat ëmmer méi den Actionnairen an de Mäert ënnerworf ass a sech zahlreich Inégalitëiten an der Distributioun vum Rächttum erginn hunn.

Mir mengen, dass, wann eng globaliséiert Ekonomie besteet, wann eng nei Ekonomie besteet, dann d'Äntwert och muss an enger neier Gesellschaft sinn.

D'Ideologë vum 19. Jorhonnert, déi traditionellement d'Kapital an d'Aarbecht opposéiert hunn, hu Faillite gemaach. Hinnen ass et jiddefalls net méi méiglech, fir eng Äntwert ze ginn op d'Défi vum der Mondialisatioun, an och net op d'Défi vum der neier Ekonomie. An eisen Aen ass d'Äntwert déi vum Actionnariat salarié, d.h. dass d'Salariat soll encouragéiert ginn, fir an d'Gesellschaften anzutrieden als Actionnaire.

Et gesäit een nämlech, dass, wa Rächttümer an engem Betrib geschaf gi vum Salariat, dann en Deel un d'Salariat ofgi gëtt vun deem Rächttum, dee geschaf ginn ass am Betrib, iwwert de Wee vu Gehälter, an en aneren Deel vun deem Rächttum gëtt an de Betrib investéiert. Deen Abléck, wou investéiert gëtt an de Betrib, profitéiert den Actionnaire dervun, an net de Salarié. Dofir menge mir, dass ee misst encouragéieren, dass d'Salariat och an deem Betrib, wou et schafft, kéint vun de Rächttümer, déi geschaf ginn um Niveau vum Kapital vun enger Gesellschaft, profitéieren.

Mir gesinn dës Iddi net nuren hei zu Lëtzebuerg. Fir eis ass dat och eng Iddi, déi mir richtig fannen um europäeschen Niveau. Mir ënnerstëtzen a kucken alleguer déi positiv Effeten, déi an deenen anere Länner op deem Gebitt geschitt sinn.

Et brauch een nuren drun ze erënneren, dass an Europa de Conseil vun der Union européenne eng Recommandatioun ugeholl huet, wou d'Länner opgefuerdert ginn, op dee Wee ze goen.

An Amerika hunn 18% vum Salariat Stock options, Aktië vun hirer Entreprise. An Europa sinn et haapt-sächlech zwee Länner, Frankräich an England, déi dee System développéiert hunn. Si hu bis elo 7 bis 10% vum Salariat domat erreecht, mat enger stänneg steigender Tendenz.

Lëtzebuerg ass dat eenzegt Land an Europa, wat op deem Gebitt keen eenzege Schratt gemaach huet, wat also do total réckstänneg ass. Mir mengen, dass ee muss e Schrëtt an déi Richtung maachen, a mir soen, dass dee Schrëtt muss gemaach ginn no e puer ganz klore Prinzipien.

1. Den Actionnariat salarié muss iwwert de vertragleche Wee goen.

2. E muss fräiwëlleg sinn.

3. E muss stabel sinn an dauerhaft.

4. E muss zum Zil hunn, d'Salariat mat der Entreprise ze fidéliséieren.

5. E muss och effikass sinn. Dofir muss en organiséiert sinn.

6. D'Salariat muss och d'Méiglechkeet kréien, fir am Verwaltungsrot als Actionnaire, d.h. als eng Partie, déi wierklech eppes ze soen huet, vertrueden ze sinn, deen Ablack, wou se 5% vum Kapital huet.

7. Mir sinn och der Meenung, dass deen Actionnariat salarié muss de Spezifisitéiten, de Partikularitéiten vun all Entreprise ugepasst sinn. Et geet also net drëm, fir e Modèle unique ze imposéieren.

Wann een et kéint sou ausdrécken, ass déi Proposition de loi, déi ech abréngen, eng Successioun, en zweete Schratt vun där Iddi vum Fernand Rau, wéi en e Gesetz abruecht huet, fir den Actionnariat an de Gesellschaften ze favoriséieren, dat, wat haut bekannt ass als Loi Rau.

A menger Proposition de loi gesinn ech zwou grouss Orientatiounen. Déi eng ass déi, dass ech wëll op de Mechanismus vun de „stock options“, wéi dat international bekannt ass, zrëckgräifen, d.h. iwwert d'Optioun vu Souscriptioun vun Aktien. Den zweeten Deel vun der Proposition de loi geet drëm, fir déi sougenannt „start-ups“, d.h. déi Gesellschaften, déi nei gegrennt ginn, déi haapt-sächlech an d'nei Technologien an an den Environmentsberäich investéieren an do mat neie Brevet an Iddie kommen, ze encouragéieren.

An alle Länner, wou déi Gesellschaften, déi déi gréissten Dynamik entwéckelen an d'Zukunft vun der Ekonomie duerstellen, opkomm sinn, gesäit een, datt se just nuren iwwert de Wee vu „bons de création d'entreprise“, wat also engem ähnleche Prinzip noheet wéi deem vun de „stock options“, mä e bësse méi large, méi favorabel gehalten ass, konnte Succès hunn.

A menger Proposition de loi hunn ech mech haapt-sächlech baséiert, vum Juristeschen, vum Organisatoreschen hier, op déi franséisch Gesetzgebung. Ech hunn dann natierlech och berücksichtegt, wat déi steierlech Mesuren ugeet, wat augenblécklech zu Lëtzebuerg besteet, an doropshi verschidde Propositione gemaach. Et wier, mengen ech, zevill schwéier, zevill komplizéiert, wann een elo géif higoen an all Artikel vun dëser Proposition de loi diskutéieren. Ech wëll et dofir just nuren um Gebitt vun de „stock options“ mat engem Beispill illustréieren.

Bei enger cotéierter Gesellschaft, entweder hei zu Lëtzebuerg oder soss op engem europäesche Maart, soll et méiglech sinn, datt d'Salariat e Rabatt ka kréien, wann et Aktië keeft. Dee Rabatt soll sech op maximal 30% belafen. Bei net cotéierter Gesellschafte wär dee Rabatt bei mindestens 50%, well do d'Importenz méi grouss ass.

*(Interruption)*

Wann et Aktië keeft entweder vu sengem Betrib, an deem et dran ass,...

**M. John Schummer (DP).**- Ween ass de Vendeur?

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR), auteur.**- Een Ablack, ech explizéiere just d'Beispill. Ech wëll et just un Hand vun engem Beispill explizéieren, well soss muss ech de ganze Mechanismus, dee juristesche relativ komplex ass, ausenee rappen!

*(Interruption)*

All Salarié am Betrib soll dovu profitéieren. D'Gesellschaften, vun deenen een Aktië kafe kann, sinn entweder d'Gesellschaft selwer, an där een dran ass, d'Société-mère, d.h. d'Mammegesellschaft, wann déi op der Bourse cotéiert ass, oder d'Filialen, wann déi eventuell op der Bourse cotéiert sinn. D'Filiale sinn d'Duechtergesellschaften.

Wichtig ass, datt een dat relativ wäit fächert, speziell an eisem Land, well déi meescht Banken a Betriber vun auslännesche Gesellschaften opkaf gi sinn oder auslännesch Gesellschaften oder auslännescht Kapital Duechtergesellschaften oder -banken an eisem Land implantéiert hunn, soudatt een also do muss déi „stock options“ sou maachen, datt wierklech d'Méiglechkeet besteet, fir eng Aktie op der Bourse ze kafen. D'„bons de création d'entreprise“ sinn augenblécklech, sou wéi ech dee System virgesinn hunn, nure fir d'nei Technologien an den Environnement reservéiert.

Wéi geet elo de Mechanismus vun de „stock options“ iwwert d'Bühn? Wann een dat un Hand vun

engem Beispill kann illustréieren, kéint ech et ongeféier wéi folgt resuméieren: De Salarié, Privatbeamten oder Aarbechter gëtt gewuer, datt hien Aktië vu sengem Betrib kafe kann, mat engem Rabatt vun 30%. En huet ee Joer Zäit, beispillsweis, fir déi Aktien ze kafen. Déi Aktië gi kaf mat de Sue vu sengem besteierte Gehalt. Ech mengen, et ass wichtig, dat ervirzesträichen! De Kafpräis fir d'Aktien ass fest fir e Joer. D'Aktië sinn nominativ a mussen, wa se kaf ginn, op engem Bankkonto déposéiert ginn.

De Beamten z.B. décidéiert, fir Aktien am Wäert vun 10.000 Frang ze kafen. Fir déi Aktië muss hien awer nure 7.000 Frang bezuelen. E ka se an enger Kéier kafen oder se duerch en Ordre permanent vun 1.000 Frang während siwe Méint bezuelen. Hien décidéiert eleng, wéini e keeft a fir wéivill Frang en investéiert. Elo kann ee soen: Dat ass fein, ech kafen Aktië fir 7.000 Frang, déi 10.000 Frang wäert sinn, an da kann ech se den Dag dono verkafen a maachen e Benefiss vun 3.000 Frang! Dat geet net!

Et geet net drëm, fir dem Salarié kuerzfristeg e Benefiss ze verschafen, mä e soll duerch seng Aarbecht de Wäert vun den Aktië klamme loosson. E kann d'Aktien dofir...

*(Coups de cloche de la Présidence)*

...nuren no dräi Joer verkafen. Wann hien déi Aktien, déi hie fir...

**M. le Président.**- Ech wëll Iech soen: Är Zäit ass schonn ofgelaf!

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR), auteur.**- Et ass gutt, da kierzen ech e bëssen!

...7.000 Frang kaf huet an deen Ablack 13.000 Frang wäert sinn, no dräi Joer verkeeft, dann huet hie 6.000 Frang gewonnen, an déi kritt en da steierfräi!

Dat ass déi Proposition, déi ech maache wollt! Ech hunn och verschidden Elementer dra virgesinn, datt d'Actionnaires z.B. steierfräi Reserven an Héicht vun deem Kapital kënnen setzen, wat se dem Salariat wëllen zur Verfügung stellen.

**M. le Président.**- D'Wuert huet...

**M. John Schummer (DP).**- Kann ech dem Här Henckes just eng Fro stellen?

**M. le Président.**- Ja, Här Schummer!

**M. John Schummer (DP).**- Dat dote ka jo da praktesch nëmmen de Fall sinn, wann eng Gesellschaft, voire eng grouss Bank, eng Augmentation de capital mécht, wou se nei Aktien op de Maart geheet, well déi aner Aktië si jo an den Hänn vu Leit, an ech gesi schlecht, wéi een Aktië ka kafen, déi en aneren huet, an et kritt ee se 30% méi bëlle! Bei enger neier Augmentation de capital sinn ech domat d'accord, dass eng Part reservéiert gëtt fir d'Personal, mä dat hu mer scho längst bei deene grouss Banken!

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR), auteur.-** Neen! Et ass esou: Et kann een natierlech och Aktië kafen um Maart, iwwert d'Bourse, d.h. de Betrib keeft se. Et muss eng Assemblée générale sinn, déi dat doten décidéiert. Den normale Wee ass dee vun der Augmentation de capital. Dat ginn ech zou! Et kann een och Aktien um Maart selwer kafen, mä do huet een natierlech de Problem, datt d'Differenz am Kafpräis do ass, mä d'Méiglechkeet besteet, datt een dat mécht, just datt dat e bësse méi komplizéiert ass.

Ech wëll elo hei net an den Detail goen, well Dir gesitt, de President huet mech hei schonn e bessen...

*(Interruptions)*

Ech hunn et am Detail...

*(Interruption)*

...an der Proposition de loi explizéiert. Ech renvoyéieren dorop, mä d'Méiglechkeet ass effektiv...

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).-** Dat do bréngt guer näischt!

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR), auteur.-** ...virgesinn, datt een et, haaptsächlech bei enger Augmentation de capital, iwwert de Wee vun Incorporatioun vu Reserve mécht. Dat ass den Intérêt! Wann e Betrib et elo mécht, da gëtt d'Salariat op deem Rabatt...

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).-** Wat maacht Der dann, wann déi aner Actionnaires en Droit de préemption hunn?

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR), auteur.-** ...besteiert! Et falen och nach Cotisations sociales un!

*(Interruption)*

Et ass dat, wat ech wollt...

*(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)*

Ech si bereet, an der Kommissioun den Detail ze explizéieren!

*(Interruption)*

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).-** Léiwer net!

**M. le Président.-** Nächste Riedner ass den Här Marcel Glesener.

*Discussion*

**M. Marcel Glesener (CSV).-** Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Proposition de loi vum Här Henckes huet mat engem Thema ze dinn, dat an eisen Iwwerleeungen e breede Raum huet. Et geet ëm d'Bedelegung vun den Arbeitnehmer um Kapital an un de Gewënner vun de Betriber. Eis Fraktioun ass deemno gär bereet, Här Henckes, iwwer nei Modeller am Beräich vun der Verméigensbildung vun Arbeitnehmer ze diskutéieren. An deem Kontext wëll ech och un eise Walprogramm an un de Koalitiounsaccord

erënneren, wou dra steet, dass sou nei Modeller encouragéiert solle ginn.

Den Actionariat salarié, wéi en an der Proposition de loi beschriwwen gëtt, ass eng interessant Pist, net zulescht och am Kontext vun der sougenannter neier Economie. An deem neien ekonomeschen Ëmfeld brauche mer och nei Méiglechkeeten, déi et erlaben, d'Arbeitnehmer un de Firmengewënner ze bedeelegen a gläichzäiteg modern Betriber kompetitiv a flexibel ze maachen an ze halen, fir datt se kënnen iwwerliewen.

Här President, d'Proposition de loi Henckes ass wéi gesot interessant. Si erfaasst awer nëmmen ee Volet vun engem komplexen Thema. Wann ee vu Verméigensbildung an Arbeitnehmerhand schwätzt, dierf een dat net reng aus der Optik vu Risikokapital a Steiervirdeeler maachen! Mir schénkt et besonnesch wichteg, drun ze erënneren, datt och an der neier Economie e puer Grondregele respektéiert musse ginn, déi den Arbeitnehmer effikass schützen. Ech erkläre mech.

Et dierf net sou sinn, datt beispillsweis Deeler vum Loun duerch Participatiounen um Gewinn ersat ginn an domat eng ongesond Ofhängegkeet vun de Leit an de Betriber entsteet. Fir eis ass et ganz kloer, datt Leit, déi schaffen, an éischter Linn e gerechten a séchere Loun fir hir Aarbecht kréie mussen. Wat doriwwer eraus u Participatioune méiglech ass, doriwwer sollen d'Sozialpartner verhandelen a sech eens ginn. De gesetzleche Kader soll een natierlech schafen!

Et wier ongesond an dem soziale Klima ganz sécher net förderlech, wann een als Gesetzgeber d'Dier zevill wäit géif opmaachen, fir un dëser prinzipieller Ausrichtung eppes ze änneren. Domat riskéiert een - ech hunn et scho gesot -, déi Beschäftegt an eng nei Ofhängegkeet eran ze drécken. Fir eis dierf de Loun vun de Leit net vu Fluctuatiounen op de Boursen ofhänken. Dat ass net dee soziale Modell, dee mir hei zu Lëtzebuerg realiséiert hunn!

Dozou wëll ech awer soen, datt ee sech där neier Economie, déi méi Flexibilitéit brauch, net soll verschléissen! Léisungen, och vu Verméigensbildung an Arbeitnehmerhand, dierfen awer net eenzeg an eleng de Kritäre vun der Wirtschaftlechkeet vun den Entreprisë Rechnung droen. Et geet eis virun allem ëm déi Leit, déi schaffen, an an deem Sënn si mer gär bereet, an der Kommissioun mam Här Henckes a mat deenen anere Kolleeginnen a Kolleegen déi Proposition de loi méi genau ze analyséieren.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Jo, et ass kee méi agedroen. Da wier och dee Punkt ofgeschloss. Och déi Proposition geet da weider un de Conseil d'Etat.

Da kéime mer elo zur Presentatioun vun der Proposition de loi 4709 vum Här Lucien Lux iwwert d'Famillenzoulagen.

Et sinn agedroen: déi Häre Weiler a Bausch.